

D'Lidd "Fantautistique" soll opklären

RTL | Update: 30.11.2021 14:48



Am Kader vun engem Projet vun der Fondation Autisme an der ASBL Voice, Art and Social ass e Freideg e neit Lidd mam Numm Fantautistique presentéiert ginn. Am Lidd sange 5 Autisten zesummen a wëllen doduerch mat Virurteeler opraumen. Wat genee hannert dem Projet stécht, weess de Loïc Juchem.

Mat dësem Projet wollt een den Autisten eng Stëmm ginn an och mol ëffentlech driwwer schwätzen. Autiste sinn héich begaabt, se kënnen keng Gefiller verstoen an net domadder ëmgoen, si halen sech u keng Reegelen, se reegen sech séier op - dat sinn nëmme puer vu ville Clichéen géintwärtig Autisten. Groussen Ënnerschied tëscht Autisten an Asperger-Autisten ass, datt d'Asperger eigentlech keng Entwécklungsstéierung hunn, also et gëtt beispillsweis och kee Retard am Beräich vun der Sprooch. Am Beräich vun der psychomotescher an der sozialer Entwécklung ginn et awer Opfälligkeiten.

Am Lidd gëtt kritiséiert datt och d'Medie sie dacks géingen an een Dëppe geheien, ma et soll een higoen an all Betroffenen individuell kucken. Net all Autist huet mat deene selwechte Problemer ze kämpfen. De Projet Fantautistique war fir d'Sänger eng Erausforderung. Ouni ze pauschaliséieren, si réagéiere jo dacks sensibel an e Projet an där Envergure huet bei hinnen natierlech fir Stress gesuergt an dat kann dann och mol problematesch ginn, mee et huet een alles gemaach datt si sech wuel spieren.

Déi 5 Sänger an dësem Lidd sinn tëscht 8 a 35 Joer al, a mat engem emotionale Museksvideo gëtt d'Wichtigkeet vun dëser Thematik nach emol ënnerstrach. De George Philippart, de Lëtzebuerger dee bei "The Voice of Germany" matgemaach huet, hat iwwerens d'Iddi vun dësem Projet, hien ass selwer Autist an dëse Projet läit him immens um Häreiz.

